Béthune (F) 2024 / WM der Senioren

Bericht vum Fernand Schmitt vum 16.09.2024

Gëschter um Sonndeg si mer all no an no an eiser Gite an der Uertschaft Haverskerque ukomm. Direkt ass sech ageriicht ginn an Material fir Méindes preparéiert ginn. Nom Owesiessen, Briefing an no engem gemittlechen Patt goung et dunn an Bett.

Haut um Méindeg ass et direkt un Streck gaang. Souzen am Secteur D an der Box 24. Ech soen et direkt. Fësch hu mer der net vill gesinn. Aleng mat der Wuer déi mer haten, Fouilles dee kapott wor a gestonk huet, Vers de vase deen awer ok wor. Mee aleng doduerch ass et a wäert et schwéier ginn eng propper Fëscherei ob den Wäissfësch kënnen auszeüben. Egal, ganz Equipe huet sech dorop gefreet, fir kënnen den éischten Dag den Training unzetrieden.

Ech wéilt Iech dann och elo eppes Positives berichten, mee nix. Wäissfësch si praktesch guer keng gefaangen ginn. Déi wéineg Gewiichter déi bei eis am Secteur gefaangen gi sinn, waren dann och nëmmen Grondelen. Jo, där ginn et och bei eis, mee natierlech net esou vill wei ob eiser Musel.

Egal, all Fësch zielt. Eis Gewiichter louchen zwëschent 200 an 1200 Gramm. 1 kg an 1,2 Kg an der Equipe waren Grondelen, et ass natierlech awer probéiert ginn fir der ze fänken. Awer net iwwer déi 4 Stonnen Distanz. Egal, Stëmmung ass gutt, dat zielt. Muer setzen mer dann an der Box C 15.

Ech hoffen, dass et da muer besser geet, an dass Streck sech dann awer méi Fësch-räich wäert erginn am Laf vun der Woch.